



Et ass Är Responsabilitéit.

Mir hunn net hei eng Demissiou verlaangt, mir hu just drop higewisen, datt dat eiser Meenung no net gutt ass. Et ass Är Responsabilitéit, fir mat där Situatioun ze liewen.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President!

► **M. le Président**.- Här Premier, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech géif just gär wëssen, wéi dat ass, well, fir mech hei am Land eigentlech virféieren ze looszen, wéi een, dee quasi wéi e Landesverräter do zu Bréissel fir d'Eurogroup ënnerwee ass, a mer zu Bréissel ganz oft - dat war de Fall am Conseil européen - virwerfen ze looszen, ech géif haaptsächlech Lëtzebuurger Interesse verrieden, au détriment vun deem, wat aner Presidente géife soen, dat géif ech just gäre wëssen.

Ech kréien all Dag Bréiwer vun de Leit, déi soen: „Haalt op domat!“ Ech kréien der zwar méi, déi mer schreiwen: „Fuert virun domat!“ Mä déi eng wëssen net, wat déi aner mengen, an déi aner wëssen net, wat déi eng gesot hunn.

Wann Der der Meenung sidd, et wier net gutt fir Lëtzebuerg, wann ech déi Aarbecht géif nach sechs Méint virumaachen, da bréngt eng Motioun a verlaangt als Parlament, dass ech dat net maachen. Dir kënnt mech net als Eurogroup-President demissionéieren (veuillez lire: demissionéiere looszen), mä Dir kënnt de Lëtzebuurger Premier awer opfuederen, déi Aarbecht net virun ze maachen. Da maacht eng Motioun direkt, dat geet jo an engem Saz, an da stëmme mer doriwwer of.

► **M. le Président**.- Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här President,...

(Interruption et hilarité)

...eis Positioun ass kloer. Ech hunn déi hei gesot. Ech hu keng Demissiou verlaangt.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Neen, Dir hutt och keng verlaangt!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech hu just gesot, datt mer dat net gutt fannen, dee Cumul vun deenen zwee Mandater, well dat net am Intérêt vun der Saach ass. Dat ass eis Meenung. Déi aner Parteie kënnen hir Meenung och soen.

(Interruption)

► **M. le Président**.- Gutt, Merci. Domadder wier dese Punkt elo definitiv ofgeschloss, a mir kéimen elo zu de Projets de loi.

5. Ordre du jour (suite)

No Ofsprooch mat deenen zwee concernéierte Ministere géif ech lech proposéieren, datt mer dee leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, nämlech de Projet de loi 5978, géife virzéien. Dat ass de Projet de loi iwwert de Réckkaf an d'Zréckzéie vu Wäertpabeieren, déi op der Bourse gehandelt ginn. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Polfer, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

6. 5978 - Projet de loi relative au retrait obligatoire et au rachat obligatoire de titres de sociétés admis ou ayant été admis à la négociation sur un marché réglementé ou ayant fait l'objet d'une offre au public et portant modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth** (*CSV*), *rapporteur*.- Merci, Här President. De Gesetzesprojet 5978, dee beweegt wuel net déi grouss Mass vu Leit, mä fir déi Leit, déi e betrëfft, fir déi geet et ëm masseg Suen. Eleng duerch d'Annonce d'lescht Woch, dass dese Gesetzesprojet haut sollt gestëmmt ginn, sinn d'Aktië vun RTL Group ëm bal 8% an d'Luucht gaangen.

„Squeeze out“, sou gëtt déi Prozedur genannt, déi mir an eis Lëtzebuurger Gesetzgebung elo

wëllen aféieren. Dat englescht Wuert, dat steet an deemem Kontext fir Auspressen, engem den Aarm bëien. An dat hu jo déi mannste gär, net an der Politik, mä och net an der Finanzwelt, virun allem net déi minoritär Aktionären. An der Politik wiert ee sech beim Aarm bëien am beschte selwer. Fir de Schutz vun de minoritären Aktionäre féiere mir elo gesetzlech Regelungen an. Dat gëtt virun allem Rechtssécherheet, an dat an enger Zäit, wou weltwäit d'Firmenakäuf a -verkäuf op der Dagesuerdnung stinn.

Mir weisen awer virun allem als klengt Land, dass mir mat ugepasste Gesetzter kënnen op nei Eerausforderungen a komplexen a sensibelen Aufgabebëräicher reagéieren. Och dat zielt zu eise Standuertvirdeeler.

Här President, konkret geet et bei dem „squeeze out“ drëm, fir engem majoritären Aktionär - dat ass een, deen an enger Gesellschaft op d'mannst 95% vun de Parten a 95% vun de Stëmmrechter huet - d'Recht ze ginn, vun de minoritären Aktionären ze verlaangen, dass si him hir Partë verkafen. Ëmgedréit kréien d'minoritär Aktionären - dat sinn der, déi maximal 5% vum Kapital an de Stëmmrechter hunn - d'Recht, vum majoritären Aktionär ze verlaangen, dass hien hinnen hir Parten ofkeeft.

Et geet also drëm, dass e majoritären Aktionär kann de komplette Contrôle vun enger Gesellschaft kréien, ouni mussen op eng Minoritéit Rücksicht ze huelen. Anerersäits sollen déi minoritär Aktionären d'Méiglechkeet kréien, zu engem faire Präis aus der Gesellschaft erauszekommen. An et geet och schlussendlech drëm, ze garantéieren, dass, wann eng Ëmännerung am Actionnariat stattfënnt, och deenen Aktionären, déi net direkt dovunner beträff sinn, et ze erméiglechen, zu engem anstännege Präis hir Parten ze verkafen.

Här President, all dat kléngt jo ganz fein an och logesch. Mä et stelle sech awer derbäi e puer fundamental, souguer verfassungsrechtlech Froen. Un éischter Stell déi vun der Eeignung. Jo, wann e majoritären Aktionär e minoritären Aktionär kann zwéngen, him seng Parten ofzekafen, dann ass dat mat enger Expropriatioun gläichzestellen. Souwuel eis Verfassung wéi och eise Code civil gesinn, zu Recht iwwregens, Aschnëtter an Eigentumsrechter ganz strikt. Dat zielt net nëmme fir Immobilien, mä och fir all aner Gidder.

«Nul ne peut être privé de sa propriété que pour cause d'utilité publique et moyennant juste indemnité, dans les cas et de la manière établis par la loi.», seet den Artikel 16 vun eiser Verfassung.

Ass deemno den „squeeze out“ mat enger Expropriatioun gläichzestellen? Wa jo, ënner wat fir enge Viraussetzungen ass dat verfassungsrechtlech konform? Eng éischt Äntwert op déi Fro huet déi Europäesch Mënscherechtskommission, also d'Virgängerin vum Europäesche Geriichtshaff zu Stroossbuerg, am Kontext vun dem „squeeze out“ ginn.

An engem Arrêt „Bramelid et Malström“ géint Schweden aus dem Joer '82 seet Stroossbuerg kloer, dass eng Gesetzgebung iwwert den „squeeze out“, also den Zwangsverkauf vun Aktien u sech legal ass. Esou Regelunge wieren a priori onëmgängelech an enger fräier a liberaler Maartwirtschaft. Deeselwechte Prinzip gëtt och, zënter 1995 iwwregens, an der franséischer Rechtsspriechung festgehalten.

Nach mussen esou Regelunge kloer a prezis sinn. Et muss e Gläichgewicht tëschent minoritären a majoritären Aktionäre bestoen. De minoritären Aktionär muss eng Entschiedegung kréien. Et muss och garantéiert ginn, dass en équitablë Präis duerch onofhängeg Arbitere ka fixéiert ginn, well bei enger Expropriatioun muss jo och eng gerecht Entschiedegung bezuelt ginn.

An der Contrepartie vun engem „squeeze out“ muss och d'Gesetz de minoritären Aktionären d'Recht ginn, fir aus enger Gesellschaft kënnen erauszegoen. Hie muss duerfir och de majoritären Aktionär kënnen zwéngen, him seng Aktien opzekafen. Dat ass, wat een an der Fachsprooch den „sell out“ oder op Franséisch de Rachat obligatoire nennt. „Squeeze out“ oder Retrait obligatoire an „sell out“ oder Rachat obligatoire mussen deemno unenue gesetzlech gekoppelt sinn. Dat sinn d'Virgaben, mir mussen dës an deemem Gesetzesprojet och ënner een Hutt kréien.

Här President, scho laang gëtt hei zu Lëtzebuerg iwwert de Schutz vu minoritären Aktionären diskutéiert. Am Hannergrond ass do déi sougenannten Affär Audiolux géint de Groupe Bruxelles Lambert, Bertelsmann an den RTL Group.

Éischt Etapp doran: Am Joer 2001 huet deemools Bertelsmann mam Groupe Bruxelles Lambert en „memorandum of understanding“ ënnerschríwwen, wou de Groupe Bruxelles Lambert sech derzou engagéiert hat, eng Parti-

cipatioun vun 30% bei RTL géint eng Participatioun vu 25% bei Bertelsmann ze tauschen. Genau dës Operatioun gouf vu minoritären Aktionäre vun RTL wéi der Audiolux contestéiert, well si net konnte vun deemem Échange profitéieren. Eist Gesetz huet deemools keng explizit Bestëmmunge virgesinn, fir d'minoritär Aktionären an esou Fäll ze schützen.

2003 huet dunn de Stater Tribunal an der Affär Audiolux S.A. iwwert d'Fro missen entscheeden, ob et am Lëtzebuurger Recht e generelle Prinzip géif ginn, deen d'Gläichbehandlung vun Aktionäre virschreift oder net. Konkret ass et eigentlech drëm gaangen, ze wëssen, ob de majoritären Aktionär, also Bertelsmann, net och hätt missen de minoritären Aktionären, an deem Fall speziell Audiolux, hir Aktien opkafen, an dat zu deeneselwechte Konditiounen wéi am Deal mam Groupe Bruxelles Lambert ofgemaach gouf.

Den Tribunal huet deemools dës Fro mat Nee beäntwert an en huet sech ënner anerem op d'Positioun vun der Lëtzebuurger Regierung referéiert, déi an enger Äntwert vum Statsminister Jean-Claude Juncker op zwou Questions parlementaires vun den Deputéierten Här Ben Fayot an eisem President, dem Här Laurent Mosar, enthalen ass.

(Interruption)

Jo!

Deemools huet d'Regierung drop higewisen, dass d'Positioun vu Lëtzebuerg ëmmer eng liberal Approche war, eng Approche, déi kee spezielle Schutz vun de minoritären Aktionäre virgesäit. D'Regierung war awer der Meenung, dass et un der Zäit war, en Équiliber tëschent den Interesse vun de grousses Gesellschaften an dem Schutz vun den Interesse vun de minoritären Aktionären ze fannen.

Den Tribunal, deen huet aus dëser politescher Äntwert geschloss, dass et e klore Choix vun der Lëtzebuurger Politik war, keng esou eng Protektioun virzegesinn, an dass een, well näischt am Gesetz derzou stoung, och net op e generelle Prinzip vun der Gläichbehandlung vun Aktionäre kéint schléissen. Dat war also 2003.

Zweet Etapp an där Affär: De 4. Mee 2006 huet dës Chamber en marge vun der Iwwernahm vun Arcelor duerch Mittal eng Motioun gestëmmt, déi d'Regierung opgefuerdert huet, op de Wee vu méi Protektioun vu minoritären Aktionären ze goen.

Drëtt Etapp: D'Gesetz vum 19. Mee 2006 setzt d'Direktiv OPA ëm a gesäit fir d'Alleréischd de Retrait an de Rachat obligatoire vir, awer dat nëmme am Kader vun OPAen.

Véiert Etapp: D'Affär Audiolux mécht an der Zwëschenzäit hire Wee iwwert d'Gerichter. An Appel ass d'Décisioun vum Tribunal vun 2003 bestätegt ginn.

Fënneft Etapp: D'Kassationsgeriicht décidéiert an der Affär Audiolux, eng Question préjudicielle un den Europäesche Geriichtshaff hei um Kierchbiere ze stellen. D'Hauptfro, déi war déi, ze wëssen, ob de Schutz vun de minoritären Aktionären aus engem generelle Prinzip vum Droit communautaire kéint ofgeleet ginn.

Sechst Etapp: De 15. Oktober 2009 huet och den Europäesche Geriichtshaff op dës Fro mat Nee geäntwert an domadder d'Approche vun de Lëtzebuurger Gerichter bestätegt.

De Prinzip vun der Gläichberechtigung vun Aktionären existéiert dann, wann d'Législatioun dat express virgesäit. De Retrait an de Rachat obligatoire mussen, wa se da virgesi sinn, deemno och duerch kloer Regele preziséiert ginn. Et ass also um Gesetzgeber, d'Konditiounen vun der Stee ze fixéieren. Zentrale Punkt ass do d'Festleeë vum Präis fir d'Titren, déi solle kaaft ginn. Dese Präis muss fair, gerecht an équitabel sinn.

Här President, de Gesetzesprojet, dee mir haut sollen ofstëmme, schreift sech also an e komplex juristescht, mä och wirtschaftspolitescht Emfeld an. Mä de Projet de loi ass och ee Beweis derfir, dass mat enger konstruktiver an net politesch klengkaréierter Approche tëschent Regierung, Chamber a Statsrot an engem klenge Land gutt legislativ Aarbecht ka geleescht ginn.

De Gesetzesprojet gouf schonns am Januar 2009 déposéiert. Den Text vun haut ass d'Resultat vun net manner wéi dräi Passagé beim Statsrot, mat all Kéiers Regierungs- a Parlamentsamendementer, déi den Observatiounen vun dem Statsrot jeeweils Rechnung droen.

Här President, an der Commission juridique hu mir de Gesetzestext am Detail gekuckt. Et gëtt ee prezise juristeschen, schréffleche Commentaire des articles, well et onweigerlech mat dëser Législatioun an deenen Affären zu Geriichtsprozess an dëser Matière wäert kommen, mat jeeweils héijem Sträitwäert. Ech ginn an dëser Plenarsëtzung bewosst net an den Detail vun

deene Bestëmmunge méi an. Dofir ass mäi schréffleche Rapport do.

Zum Schluss sief et awer erlaabt, e puer konkret Froen erauszepicken.

Éischtens, gëtt et Iwwerschneidungen tëschent deemem Gesetzesprojet an dem OPA-Gesetz aus dem Joer 2006?

Neen, d'OPAs-Gesetz applizéiert sech ausdrécklech nëmme an de Fäll, déi duerch d'OPAs-Gesetz aus dem Joer 2006 virgesi sinn an déi op enger europäescher Direktiv berouen.

De Gesetzesprojet 5978 applizéiert sech op all Gesellschaft, déi entweder op der Bourse cotéiert ass oder déi et bis viru manner wéi fënnf Joer war respektiv där hir Titren öffentlech zum Verkauf uegebuede ginn. Wann eng OPA virdrun op dës Gesellschaft stattfonnt huet, dann ass dat zukünftegt Gesetz nëmme dann applicabel, wann d'Délaien, fir am Kader vun enger OPA ze agéieren, ofgelaf sinn. Domat ass also en Iwwerschneide vun OPA an „squeeze out“ gesetzlech ausgeschloss.

De Gesetzesprojet erlaabt et konkret awer, e Retrait oder e Rachat obligatoire ze froen, an dat och am Fall, wou et sech ëm eng Operatioun handelt, déi net iwwert d'Bourse gaangen ass. A genau dat war de Fall an der Affär Audiolux, wou déi ganz Operatioun tëschent Bertelsmann an dem Groupe Bruxelles Lambert iwwer en Échange vun Aktien opgrond vun engem „memorandum of understanding“ gelaf ass.

Zweetens, wéi ginn d'Aktionären iwwert de Fall vun engem „squeeze out“ informéiert?

Et kann een nëmme e Rachat obligatoire froe respektiv e Retrait obligatoire verlaangen, wann d'Aktionären iwwert d'Existenz vun engem majoritären Aktionär informéiert sinn.

De Gesetzesprojet, dee gesäit duerfir vir, dass de majoritären Aktionär dräi Fäll muss der CSSF, also eiser Bankenopsicht, matdeelen: Dat ass éischtens, den Actionnaire majoritaire, wann en dat gëtt, dat heescht méi wéi 95% vun de Parten an de Stëmmrechter vun der Gesellschaft kritt. Zweetens, wann en net méi Actionnaire majoritaire ass, dat heescht, entweder manner wéi 95% vum Kapital oder manner wéi 95% vun de Stëmmrechter huet. An en drëtten a leschte Fall, wann en als Actionnaire majoritaire nach zousätzlech Titre vun der beträffener Gesellschaft keeft. Wann esou eng Situatioun antrëfft, da muss den Actionnaire majoritaire der CSSF an der betreffender Gesellschaft notifizéieren.

Drëttns, wéi gëtt konkret den Oflaf vun der Prozedur geregelt an d'Fixatioun vun engem gerechte Präis fir d'Titre garantéiert?

Eng zentral Roll kritt an deemem Zesammenhang d'CSSF ze spillen. Si iwwerwaacht, dass d'Rechter vu kengem mat Féiss getréppelt ginn.

D'CSSF ass déi Éischt, déi informéiert gëtt, wa sech eppes un Actionnariat ännert. Si kontrolléiert déi Informatiounen, déi de majoritären Aktionär un d'Gesellschaft weidergëtt, a kann nach zousätzlech Informatiounen froen.

D'CSSF publizéiert dës Informatiounen op hirem Internetsite, fir sécherzegoen, dass all interesséierten Aktionär sech zumindest informéiere konnt. Wann et dann zum Retrait oder Rachat obligatoire kënnt, dann ass d'CSSF leschten Enns de Präisrichter, dat heescht och de Garant, fir de Schutz vun den Intérète vun den Aktionäre fir d'Ausbezelung vun engem gerechte Präis ze garantéieren.

Dese Präis muss vun engem onofhängegen Expert an engem Evaluéierungsbericht festgeluecht ginn. Dese Rapport gëtt vum Actionnaire majoritaire, deen en „squeeze out“ wëllt maachen, mat senger Offer un d'CSSF geschéckt, a si kann dann och nach eng zousätzlech Stellungnahm vun der concernéierter Gesellschaft froen.

De Präis ass gerecht, wa kee vun de minoritären Aktionäre géint de Präis eng Oppositioun mécht. Am Fall vun enger Oppositioun kann d'CSSF vum majoritären Aktionär verlaangen, hir eng Lëscht vu fënnf Experten ze proposéieren, vun deenen d'CSSF een erauswëlt, deen en Evaluatiounsbericht soll maachen. Dese Rapport muss grad wéi den éischte vum majoritären Aktionär bezuelt ginn. An opgrond vun deem Rapport décidéiert da schlussendlech d'CSSF iwwert de Präis.

Zum Schluss nach: Wat ass de Referenzwäert, fir de Präis festzeleeën?

Mä bei cotéierte Gesellschaften ass een Unhaltspunkt sécherlech d'Valeur vun den Titren op der Bourse. Mä et ginn awer och d'Benefisser gekuckt, déi realiséiert ginn; d'Perspektiven, déi d'Gesellschaft an Zukunft huet. Et gëtt och gekuckt, ob d'Gesellschaft eventuell nach Filialen am Ausland huet. De Präis gëtt festgesat opgrond vun enger ganzer Rëtsch vun objektive Kritären, déi generell an deem betreffen-



den Aktivitéitsberäich akzeptéiert sinn an och praktizéiert ginn.

Fënneftens, wéi gëtt dann d'Anhale vum Gesetz garantéiert?

D'CSSF kann dofir Geldbousse spriechen am Fall, wou verschidde Bestëmmunge vum Gesetz net respektéiert ginn, besonnesch wann d'Notifikationsobligatiounen net agehale ginn oder wann d'CSSF net déi Informatiounen kritt, déi se gären hätt.

Här President, Dir gesitt, de Gesetzesprojet 5978 leet vill Wäert drop, dass minoritär Aktionäre geschützt ginn, dass de Präis, dee se fir hir Titre kréien, fair a gerecht ass. D'Prozedur ass strikt am Gesetz geregelt a leeft ënnert der Opsicht vum der CSSF. Mir droen domadder den Ufuerderunge vum der europäescher an der nationaler Jurisprudenz Rechnung.

Merci zum Schluss alle Membere vum der Justizkommissioun fir déi konstruktiv Bäitrag bei der Ausaarbechtung vum deemem Projet de loi. Merci och, eemol sief dat erlaabt, den Hären Daniel Ruppert aus dem Justizministère, dem Laurent Besch, Sekretär vum der Justizkommissioun, och dem Charel Hurt aus der CSV-Fraktioun, déi vill kompetent Aarbecht am Hannergrond geleescht hunn. Awer och e spezielle Merci un eise Justizminister fir déi gutt Zesummenaarbecht.

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur.*- Jo. E kritt net ëmmer Streech.

(*Interruption*)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech hunn dat och scho gemaach.

(*Hilarité*)

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur.*- Här Minister, an dass Dir dem Rapporteur eng grouss Marge gelooss hutt, fir an deem Dossier zu engem Konsens ze fannen.

De schréftleche Rapport vum der Commission juridique gouf eestëmmeg ugeholl. De Gesetzesprojet, dee schaaft zum Schluss Rechtssécherheet a misst eigentlech de legitimen Interesse vum dem Secteur Rechnung droen an den Uspréch vum eiser Finanz- a Wirtschaftsplatz gerecht ginn.

Ech ginn och duerfir den Accord vum eiser CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Entschëllegt mech, Här President, dass et bësse méi laang war wéi geschat, mä dat soll d'nächst Kéier net méi geschéien.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Elo kritt d'Wuert als éischt agedroe Riednerin d'Madame Lydie Polfer.

Discussion générale

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Här President, ech mengen, et kruten elo eng Rei Leit hei Merci gesot. An ech ka mech deene Mercien och nëmmen uschléissen. Et krut awer een nach net Merci gesot, an ech wëilt dat dann emol als Alleréischtt maachen. Dat ass de President vum der Commission juridique an de Rapporteur vum deemem Gesetz, den Här Gilles Roth, deen déi Diskussiounen, déi laang an déi ganz ausféierlech Diskussiounen, déi mer an der Commission juridique iwwert dësen Text haten, wierklech op eng ganz kompetent Aart a Weis gefouert huet an ons erlaabt huet, de Rapport hei à l'unanimité unzehuelen.

Ech mengen, et ass hei elo net méi d'Plaz an et ass och guer net néideg, an den Detail vum deemem Gesetz hei anzegoen. Den Här Rapporteur huet dat op eng ganz ausféierlech Aart a Weis gesot.

Ech wëll nëmme just hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer déi Diskussiounen, quitte datt mer haut elo net méi vill vläicht driwwer schwätzen, mä datt mer an der Kommissioun awer ganz ausféierlech driwwer geschwat hunn iwwert dat, wéi een de juste Prix, wéi deen definéiert gëtt. An ech mengen, déi Léisung, déi mer fonnt hunn, ass eng équilibréiert Léisung, déi wierklech d'Rechtssécherheet gëtt. Well mir sinn hei an engem Fall, wou d'Rechtssécherheet eng vum deene ganz wichtege Konditiounen ass.

Dofir ginn ech hei mat rouegem Gewëssen och den Accord vum eiser Fraktioun zu deemem Gesetz.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- An nach eng Kéier, ech schléisse mech all deene Mercien un.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Polfer. Als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ech wëll och just d'Zoustëmmung vum der grénger Fraktioun bréngen a mech och de Mercien un de Rapporteur uschléissen.

► **M. le Président.**- Merci. Den Här Henckes als leschten agedroene Riedner huet d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Merci, Här President. Ech wollt och dem President-Rapporteur, dem Gilles Roth, e grouss Merci soen, well et wor eng schweier Aarbecht, déi en hei ze bewältegen hat.

Ech wëll och drop hiweisen, datt mer elo schonn zënter 2002 iwwer esou ee Gesetzesprojet diskutéieren. Dat heescht, et huet laang gedauert, mä et ass awer zu engem gudden Resultat komm.

Ech géif just d'Regierung bieten, wa se elo schonn op deem gudden Wee ass, fir fir d'Actionnaires minoritaires eppes ze maachen, an dat maache mer jo elo mat deemem Gesetzesprojet, datt mer awer och nach den Actionnaires minoritaires d'Recht solle ginn, fir Punkten op eng Assemblée générale ze bréngen, op den Ordre du jour, an datt se och kënnen un de Verwaltungsrot Froe stellen an déi beäntwert kréien. Da wiere mer mat der Législatioun a Frankräich, Däitschland an an der Belsch och op engem Niveau.

Dat gesot, wëll ech den Accord vum der ADR zu deemem Gesetzesprojet bréngen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. Den Här Bodry huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Här President, ech wollt och am Numm vum der LSAP-Fraktioun den Accord vum eise Reien zu deem heiten Text bréngen. Et ass en Text, dee sécherlech e bësse méi technescher Natur ass, deen dobauss bei der breeder Öffentlechkeet sécherlech net esou op Interessi stéisst, wéi dat bei aneren Texter de Fall ass. Mä et ass awer e wichtegen Text.

Ech mengen, et ass och gutt, dass Lëtzebuerg sech vu senger traditioneller ultraliberaler Position hei ewechbeweeget huet a bereet ass, och hei am Sënn vum enger gewëssener Protektioun vum engem Deel vum Aktionären ze légiféréieren. Dat ass e positive Punkt.

An deem Sënn also och den Accord vum eiser Säit an e Merci och un de Rapporteur an un all déi, déi un dem Zustanekommen eigentlech vum deem heiten Text mat implizéiert waren.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bodry. Elo kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass ganz interessant, wéi wirtschaftlech a politesch schrecklech wichteg Dossieren hei ëmmer esou ganz séier duergchinn. Dat huet eppes domat ze dinn, dass ganz oft gesot gëtt, datt sinn technesch, juristesch Projeten an et stinn der nach vill méi hannendrun. Et huet awer och eppes mat där gudder Aart a Weis ze dinn, wéi dee Projet hei beschafft gouf.

Déi éischt Saach ass, wéi ech de Moien d'Virschau am „Lëtzebuurger Wort“ gelies hunn, do stoung emol net dran, dass dee Projet haut géif kommen. Geschter stoung awer an deemselwechten „Lëtzebuurger Wort“ an de Wirtschaftssäiten, dass, well dee Projet elo haut kennt, RTL Group d'Aktien ëm 7,7% gestiege sinn. Et ass also schonn eppes, wat eng gewësse Bedeitung huet, an ech mengen, de Rapporteur huet de ganzen Historique gemaach, wéi dat Ganz vir sech gaang ass.

Ech wëll och dofir, an dat ass wierklech keng Floskel, lech all Merci soen an der Commission juridique, awer ganz besonnesch dem Rapporteur. En huet hei gesot, de Gilles Roth, de Justizminister hätt em eng gewësse Latitude gelooss, fir hei ze schaffen. An dat war och de Wonsch vum Justizminister.

Hei huet och missen de Rapporteur mat ville Leit schwätzen, fir ze kucken, dass mer hei eppes maachen, wat équilibréiert ass, wou net op eemol déi eng Interessen dobauss vu Lobbye géintenaner ausgespillt ginn. An ech weess, dass ganz, ganz, ganz vill Aarbecht vum Rapporteur hei hannendrustoung. An ech mengen, och dat ass en Element, dass mer et hei faerdegbruecht hunn, ganz séier iwwert de Projet ze fueren, obwuel eigentlech de Projet nach méi Diskussioun erwënscht hätt. Mä d'Haaptsaach ass, mir maachen hei e ganz gudden Projet.

An ech wëll dann och soen, dass et - an e puer Riedner hunn et schonn hei gesot - e wichtege Broch awer ass mat enger Vergaangenheet. Fréier hu mer ëmmer gesot, zu Lëtzebuerg maache mer esou mann wéi méiglech Gesetzer, esou liberal wéi méiglech. Nëmme vill Kapital a Gesellschaft op Lëtzebuerg, a mir halen eis eraus. Mir sinn zënter enger Partie Jore schonn amgaang, op e Wee ze goen, fir ze soen, mir hätte gären en uerdentlecht Kommerzialrecht.

Ech mengen, den Här Henckes huet nach e puer Froen opgeworf. Ech ginn elo net drop an. Ech wëll just soen, mir sinn amgaang, an do hutt Dir och eng Ennerkommissioun an der Chamber hei geschaf, fir eist ganzt Gesetz vum 1915, eist ganzt Kommerzialrecht vum dem Gesellschaftsrecht, fir dat ze iwwerdenken, fir do eng propper Linn anzébréngen, fir net méi ëmmer tèschent Belsch a Franséisch hin an hier ze goen, mä e kloert Lëtzebuurger Recht iwwert d'Gesellschaften ze maachen.

Hei ass een Element dovun, a mir fueren domadder weider. An zesumme wäerte mer dat doten och nach, géif ech mengen, an deem nächste Joer ouni Problem packen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister François Biltgen. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5978 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5978 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Lucien Clement), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Raymond Weydert), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Jean-Paul Schaaf), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Ben Scheuer), Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6316 iwwert de Stroummarché an zum Projet de loi 6317 iwwert de Gasmarché, déi mer zesummen an enger Diskussioun behandelen. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eischen, Helminger, Kox, Henckes an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum deenen zwee Projeten, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

7. 6316 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité

6317 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel

Rapports de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie sociale

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojeten 6316 an 6317 geet et haaptsächlech ëm d'Ëmsetzung vum zwou europäeschen Direktiven. Si stellen e weidere Bausteen duer an der Organisatioun vum dem nationalen an dem europäeschen Energiemaart fir Stroum a fir Gas.

Dës zwee Texter bedeiten och eng weider Etapp an der europäescher Energiepolitik, wéi se zënter der Mëtt vum den 90er Joren an d'Wee geleet ginn ass. Ech wëll drun erënneren, dass et eigentlech lassgaangen ass konkret 1996 mat der éischter EU-Direktiv iwwert d'Liberaliséierung vum Stroummaart. An zwee Joer méi spéit war et de Gasberäich, deen drukomm

ass; eng éischt Direktiv '98 zur Liberaliséierung vum deem doten Energiesecteur.

(**Mme Lydia Mutsch prend la présidence.**)

2003, also e puer Joer méi spéit, ass et zu enger éischter Revisioun eigentlech komm vum deene Maartregelen, wéi se an den éischten Texter festgeluecht si ginn. Déi 2003er Direktiv huet dann hiren Nidderschlag hei zu Lëtzebuerg fonnt an de Gesetzer vum 1. August 2007, déi also dee sougenannten zweeten Energiepak dann och an nationaalt Recht ëmgasat hunn.

Nach haut ass d'Gesetz vum 2007, dat mer elo iwwert déi heiten Texter..., déi Gesetzer vum 2007, eent fir de Stroum, eent fir de Gas, stellen haut nach ëmmer eigentlech d'Grundlag vum der Organisatioun vum deenen Energiemäert hei zu Lëtzebuerg duer a si bleiwen also och bestoen, quitte dass mer se haut an e puer wesentleche Punkten ëmännere respektiv compléitéieren.

Déi Direktive respektiv déi national Texter, déi se ëmsetzen, regelen ënner anerem d'Organisatioun an de Fonctionnement vum Stroum- a vum Gasmaart, den Zougang op déi dote Mäert, d'Kritären an d'Prozedure bei Ausschreibungen, d'Capacitéitsgenehmegungen an d'Exploitatioun vum deene verschiddenen Netzer.

Interessant ass et nach eng Kéier duerzustellen, dass eigentlech déi dräi Haaptschrëttler vum der europäescher Reguléierung, wéi mer se och hei a Lëtzebuerg ëmgasat hunn, wéi folgt ausgesinn: éischtens emol d'Regelung vum Netzzougang vum Drëtter, zweetens d'Reguléierung vum der Netznotzung an den Netzzuschlëss, an drëtzens d'Entflechtung vum den Netzbetreiber, de sougenannte Prinzip vum Unbundling.

2009, also zwee Joer nodeem mer eigentlech déi Texter aus dem zweeten Energiepak hei zu Lëtzebuerg transposéiert haten, ass et da weidergaangen um Niveau vum der EU mat engem weideren, engem drëtten Energiepak, zu deem dann ënner anerem och déi Direktiven 2009/72 an 2009/73 gehéieren, déi mer haut haaptsächlech iwwert déi heiten Texter wëllen an nationaalt Recht ëmsetzen.

Mir maachen dat - dat wëll ech awer och gläichzäitig soen - mat enger gewëssener Verspéidung op den offizielle Kalenner, wat och dann derzou gefouert huet, dass mer eis eigentlech geflass hunn, fir et nach ronnzébréngen, fir déi heiten Texter mat Zäit, also viru Mëtt Juli, hei am Plenum vum der Chamber kënnen ze diskutéieren an och ofzestëmmen.

Dës Gesetzesprojete si virun engem knappe Joer, den 3. August 2011, hei vum deemolege Wirtschaftsminister, dem Jeannot Krecké, déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Haaptavis den 31. Januar 2012 gemaach. An am Fong zënter dass deen Avis vum Statsrot virläit, huet sech d'Wirtschaftskommissioun an net manner wéi néng Sitzunge vum 8. Februar bis zum 29. Juni, wou de Rapport ugeholl ginn ass, mat deenen doten Texter befaasst.

Texter, déi eng Rei vu juristesche Froen opgeworf hunn. Texter, déi natierlech awer och an deem heite Fall eng ganz Rëtsch vu politeschen Aspekter mat sech bréngen, sief et, wat d'europäesch Ausrichtung vum der Energiepolitik ugeet, sief et awer och, wat déi national Prioritéiten ubelaangt.

Duerfir och en décke Merci fir déi awer Detailarbecht, déi huet misse gemaach ginn, un u sech eise Sekretär vum der Kommissioun, mä awer och d'Mataarbechter vum Energieministère, déi eis fir all déi Aarbechten do zur Verfügung stoungen, respektiv och un de Minister, deen och deelweis deene Sitzunge bäigewunnt huet, fir haaptsächlech och op déi politesch Froe kënnen anzegoen, déi sech an deem Zesummenhang do gestallt hunn.

Dëse Rapport, deen ech haut mëndlech virdroen, ass a senger schréftlecher Form den 29. Juni, also d'lescht Woch, bei enger Enthaltung fir déi zwee Projeten ugeholl ginn. Ech wëll hei net op den Detail vum eisen Aarbechten agoen. Dat fannt Der alles an deenen zwee schréftleche Rapporten. Ech wëll awer bei där mëndlecher Presentatioun, mengen ech, e bësse déi wesentlech legislativ Ännerunge probéieren duerzustellen, an dat richtegt Licht ze récken.

Dës zwee Gesetzer, si ähnele sech ganz an hirem Inhalt, duerfir schwätzen ech ëmmer global, quitte dass d'Stroumgesetz eenzel zousätzlech Elementer huet, déi een am Gastext net esou ermëfënt. Mä et kann een dat awer fir de Gros also zesummen hei diskutéieren an och duerstellen.